



Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Berger. Den nächste Riedner ass den Här Negri.

► **M. Roger Negri** (*LSAP*).- Merci, Madame Presidentin. Och ech wëll dem Rapporteur Marcel Oberweis Merci soe fir säi gewinnt exzellente Rapport a ginn heimat den Accord zu dësem Projet de loi vun eiser Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Negri. Den nächsten a leschten agedroene Riedner ass den Här Jean Huss. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Huss** (*déi gréng*).- Merci, Madame Presidentin. Ech wëll dann och direkt hei konstruktiv ufänken, andeem datt ech soen, datt och déi gréng wäerten dëse Projet de loi hei stëmmen. Ech wëll awer derbäi e puer kritesch Bemierkunge maachen an deem Sënn, datt ech soen, datt dat heiten, wat mer hei ofstëmmen, zwar e richtege Schrëtt ass, mä e ganz kleng Schrëtt, fir zur Reduzéierung vum Quecksëlvergebrauch ze kommen europawäit. Et ass e kleng Schrëtt, et ass e richtege Schrëtt, mä e geet bäi Wäitem net duer. A wat op jiddwer Fall noutwendeg ass, ass dat, wat de Rapporteur hei och scho gesot huet, dat ass, datt et an zwee, dräi Joer, et am Joer 2013 muss zu enger Revisioun vun dëser Konventioun hei kommen.

De Rapporteur huet gesot, datt et sech ëm e geféierleche Stoff handelt, wat jo och hei répétéiert ginn ass. Ech wëll awer hei derbäi soen, datt et sech ëm den drët-geféierlechste Stoff handelt, deem et iwwerhaupt gëtt. Dat heescht, fir d'éischt kënnt de Plutonium als geféierleche Stoff, duerno kënnt eng Bakterie, wou ech mengen, datt et de Botulinum ass, an als Drëtt kënnt de Quecksëlwer als geféierleche Stoff. Quecksëlwer ass en Zellgëft, et ass en Enzymgëft, et ass en Immungëft, et ass en Hormongëft an et ass e Nervegëft. A senger Funktioun als Nervegëft ass et bekannt.

De Rapporteur huet geschwat vun der Belaaschtung vun der Nahrungskette, vun der Chaîne alimentaire duerch Quecksëlwer. Déi ass no Erkenntnisser vun der UNO oder zum Beispill vun der U.S.-EPA hautdësdays esou schlëmm, datt se dovun ausginn, datt all aacht Kand an den USA haut esou quecksëlwerbelaascht op d'Welt kënnt, datt et sech net méi kann normal entwéckelen. An et gëtt also gewarnt virun allem viru Quecksëlvergebrauch, an déi Wëssenschaftler warnen duerfir, datt et direkt muss zu Reduzéierung komme vum Quecksëlvergebrauch, well déi Chaîne alimentaire weltwäit schonn esou belaascht wier.

Dat gesot, wëll ech e puer Remarquë just zum Rapport maachen. Eng Remarque, fir ze soen, datt am Rapport déi Haupt-sourcen hei an der EU opgezielt ginn. Natierlech ass eng vun den Haaptutilisatiounen d'Industrie du chlore. Dat ass ganz richtig. Da gëtt am Rapport awer gesot, déi zweetgréisste Source, déi zweetgréisst Utilisatioun ass den Amalgam dentaire, Plombage dentaire. A méi gëtt am Rapport dozou net méi gesot, obschonn et déi zweetgréisste Source ass vu Quecksëlwer hei an Europa.

Ech kéint lech och d'Zuelen an d'Tonnagé soen, wéi dat ass. Hei zum Beispill kann een europawäit soen, datt insgesamt am Joer 2006 tëschent 2.200 an 3.500 Tonne Quecksëlwer an de Mënn, an de Plëmb vun de Leit waren, jee nodeem, ob een d'Europa vun de 15 hält oder vun de 27. Dat nënnen, fir eng Grëssenuerdnung ze ginn. Déi si jo am Moment do stockéiert. Si si stockéiert an de Plëmb vun de Leit am Mond, obscho gesot gëtt, datt dat extrem geféierlech ass, dee Produkt, dee Quecksëlwer, an obscho gesot gëtt, datt e muss ënnerierdesch a Salzminne sécher gelagert ginn. Et gëtt just eng Plaz, wou de Stockage kee Problem schéngt ze maachen, dat ass an den Zänn vun de Leit, wat trotzdem e weéne cocaine ass.

Natierlech ass et wichteg, datt e muss op eng sécher Aart a Weis stockéiert ginn. An och, wann et zu engem Amalgamverbuet

gëif kommen europawäit, wat iwweregens wichteg wier, well dat gëif erlaben, direkt déi zweetgréisste Source ze reduzéieren, wann et zu engem Verbuet gëif kommen... An et gëtt jo Leit, déi eis dat scho virgemaach hunn. Schweden huet d'lescht Joer Amalgam am Mond verbueden, Norwegen huet virun zwee Joer Amalgam verbueden, Dänemark huet et d'lescht Joer verbueden. Dat heescht also, wann esou Mesuré gëife geholl ginn, da kéint ee ganz séier zu enger Reduktioun vu ganz villem Quecksëlwer an Europa kommen, deem dann och keng Gesondheetsschied méi gëif maachen.

Well wann ech lech virdrun opgezielt hunn, a wéi engem Sënn et héichtoxesch ass, da musst Der lech jo kënne virstellen, wéi vill Krankheete kënnen duerch Quecksëlwer an de Mënnen vun de Leit lues a lues op laang Zäit provoziert ginn. Doriwwer wëll ech elo keen Exposé halen, mä do gëif et genuch ze soen.

Wann een zum Beispill d'Neurotoxicitéit hält, gëtt Quecksëlwer haut verdächtig vun deene gréisste Wëssenschaftler - ech hunn eng Etüd hei aus dem Joer 2007 vun deene beschten amerikanesche Wëssenschaftler vun allen Universitëten aus den USA -, gëtt an Zesammenhang bruecht mat neurotoxesch Kannerkrankheeten, dat heescht vu Retard intellectuel, vun IQ, dee ganz niddreg ass, vun ADHS, vun Hyperaktivitéit an Opmierksamkeetsstéierung, vun Autismus vun de Kanner. Mä et gëtt och a Verbindung bruecht, neurotoxesch gesinn, mat enger Rei vun neurodegenerativen Erkrankungen, wéi beispillsweis Demenz, Alzheimer an och mat enger Rei vun neurologischen Erkrankungen wéi MS, ALS, Parkinson an esou virun.

Dat si Saachen, déi haut an der wëssenschaftlecher Fuerschung ëmmer méi daillech bekannt ginn. Do gëtt et biochemesch Erklärungen, wéi dat funktionéiert, an duerfir ass et eppes, wou mir soen, datt d'EU ganz séier Intérêt drun hätt, dee Produkt Quecksëlwer och am medezinesche Gebrauch ze verbidden, ganz einfach fir Gesondheetsschied ze verhënneren. Et sinn eng Rei nordesch Länner, déi eis dat virgemaach hunn. Ech mengen, datt och Lëtzebuerg sollt op deen dote Wee goen, an d'EU och, mä dat ass leider bis elo nach net geschitt. Do gëtt gestriden um europäeschen Niveau dorëmmer. Mir mengen awer, datt et misst dozou kommen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Huss. Domadder hu mer kee Riedner méi age-droen, an d'Regierung hätt d'Wuert.

► **M. Marco Schank**, *Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures*.- Madame Presidentin, fir d'éischt wollt ech dem Rapporteur Merci soe fir säi wierklech detailléierte Rapport, deem hie gemaach huet, wou hien och op déi héich Toxicitéit vum Mercure higewisen huet. An ech wollt och sengem Wonsch eigentlech zousätzlech Ausdrock verleihe, fir ze soen, datt ech hoffen, datt et effektiv esou geet, datt d'Reglement, d'Ëmsetzung vun deem Règlement zu enger ganz drastescher Reduktioun féiert vun dem Handel respektiv dem Stockage vum Mercure.

Ech wollt och dem Här Eugène Berger soen, datt mer amgang sinn ze kucken, insgesamt bäi der Ëmsetzung vu Reglementer, vun europäesche Reglementer, wéi een Impakt dat op d'Aarbecht, op d'Capacitéit vun der Verwaltung huet, net nënnen an deem hei Fall, mä och an anere Fäll, beispillsweis bei REACH.

Ech wollt och dem honorabelen Här Huss Merci soe fir säin Engagement europawäit eigentlech, fir sech fir d'Zréckdränge vum Mercure anzesetzen.

An ech wëll och zum Schluss Merci soe fir Är Ënnerstëtzung bei dem Stëmme vun dësem Gesetz.

Merci.

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss a mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6034.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Votes par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6034 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wollter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Jo. Dat ass dann domadder decidéiert.

Mir kënnen weiderfuere mam Änderungs-vorschlag 6097 vun eise Chambers-reglement iwwert den Artikel 22. Och hei hu mer de Basismodell festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: déi Häre Bettel, Bausch an Hoffmann. D'Wuert huet de Rapporteur vum Änderungs-vorschlag, den honorabelen Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

11. 6097 - Proposition de modification de l'article 22 du Règlement de la Chambre des Députés

Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*), *rapporteur*.- Merci, Madame President. An de leschte Jore war d'Chamber beméit, hir Öffentlechkheetsaarbecht ze verbessern, fir esou engersäits dem Bierger déi dagdeeglech Aarbecht, déi hei an der Chamber gemaach gëtt, méi no ze bréngen, awer och anerersäits d'Méiglechkeet ze ginn, fir méi participativ d'Chambersaarbechte kënnen ze verfolgegen a matzewirken.

Esou hu mer nieft dem Chamberblietchen, wat Traditioun hei am Land huet, viru Joren decidéiert, Chamber TV anzeféieren, fir doduerch öffentlech Sëtzungen direkt ze iwwerdreien, wou och dann an der Regel nach eng Widderhuelung kënnt. Mä net nënnen öffentlech Sëtzunge ginn iwwer Chamber TV iwwerdreien, och Table-ronden, Interviewen a Reportagen an esou weider.

Op där anerer Säit ass den Internetsite vun der Chamber nei gemaach ginn. Mä d'Chamber ass och an de vergaangene Jore méi op den Terrain gaang. Zum Beispill iwwert de Referendum vum Europäesche Verfassungsvertrag huet d'Chamber queesch duerch d'Land Informations-deeg oder -owender organiséiert. Och komme Gruppen hei an d'Chamber, déi eng Visite maachen a wëlle mat de Leit aus der Verwaltung oder den Deputéierten diskutéieren.

Haut wëlle mer e weidere Schratt duerch d'Ännerung vum Artikel 22 vun eise Reglement an déi Richtung maachen. An dësem Artikel geet et ëm d'Sëtzunge vun de Chamberskommissionen an de Rapporte vun dëse Kommissionen.

Op Proposition vum der Presidente-konferenz huet d'Reglements-kommission an de Sëtzunge vum 5. a 14. Januar eestëmmeg festgehalen, der Chamber eng Rei vun Ännerungen am Artikel 22 ze

proposéieren. Vun deenen néng Alineen am Artikel 22 ginn d'Alineen 7, 8 an 9 ëmgeännert. Déi aner bleiwen an hirer aktueller Form bestoen.

Den neien Artikel 22 hält elo fest am Alinea 7, datt d'Aarbechte vun de Kommissions-sëtzungen net public sinn. Virun de Sëtzungen, an dat brauch net am Reglement ze stoen, kann d'Press Fotoen huelen oder filmen, ier d'Sëtzung öffentlech opgeet.

Zweetens kann awer, obschonn d'Sëtzungen net public sinn, op Demande vun enger Kommission hin d'Presidente-konferenz decidéieren, datt eng Kommission eng öffentlech Auditioun organiséiert.

An drëtzens, ausnahmsweis an och op Demande vun enger Kommission hin, kann d'Präsidentekonferenz decidéieren, datt d'Aarbechte vun enger Kommissions-sëtzung iwwer Chamber TV direkt iwwerdreie ginn.

Den Alinea 8 hält fest, datt vun alle Kommissions-sëtzungen e Procès-verbal verfaasst gëtt, deem an enger vun den nächste Kommissions-sëtzunge muss approuvéiert ginn.

Zweetens, de Projet vun dësem Procès-verbal ass bis zur Approbation zougänglech fir d'Membere vun der Kommission, d'Presidente vun de politesche Gruppen a fir d'concernéiert Regierungsmemberen.

Drëtzens, wann de Rapport vun der Kommission approuvéiert ass, gëtt e vum Kommissionspräsident a vum Sekretär ënnerschriwwen an ass da vun deem Abléck u public a gëtt um Internetsite vun der Chamber publizéiert.

Den Alinea 4 hält fest, datt ausnahmsweis eng Kommission kann de Secret vun hiren Délibérations decidéieren. Dat ass déi nei Formulierung vum Artikel 22.

Et bleift ze soen, datt d'Présidentekonferenz zoustänneg ass fir d'Festleeë vun de Kritären, wéi d'Rapporte verfaasst ginn, an déi intern Prozedur, wéi d'Rapporte veröffentlecht ginn. Dat brauch net an eise Chambersreglement ernimmt ze ginn. An deem Sënn huet d'Présidentekonferenz an hirer Sëtzung vum 9. Dezember zwou Noten ugehall. Dat sinn déi Ännerungen, déi elo am Chambersreglement am Artikel 22 proposéiert ginn. An d'Reglements-kommission proposéiert der Chamber, déi ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Bettel virgesinn. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Merci, Madame Presidentin. Ech mengen, d'Honnêteté intellectuelle bréngt et mat sech, dass een der grénger Fraktioun hei muss Merci soen, well se mat enger Initiative, wou se unilatéralement decidéiert hat, d'PVen ze publizéieren, e Steen un d'Rulle bruecht huet, wou haut d'Resultat komm ass.

Wann ee scho bei de Mercien ass, muss ech och dem President vun der gréisster Majoritéitspartei, der CSV, dem Här Schiltz Merci soen, deem eng ganz Aarbecht préparéiert hat fir d'Conférence des Présidents, wou e gekuckt huet, déi verschidde Positiounen, op där enger Säit vum Greffe an op där anerer Säit vun de verschiddene Parteien, déi do waren, konzilient an op eng Manéier, déi diplomatesch war - ech wëll et net ervirhiewen, well dat wier eppes, wat mech iwwerrascht hätt -, mä wierklech konkret Virschléi mat sech bruecht huet, wou mer haut och d'Resultat hunn.

(Interruption)

Madame Presidentin, et ass immens... Jo, ech wollt nochecken, ob et nach d'Madame Presidentin wär.

► **Mme la Présidente.**- Jo, jo.

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Madame Presidentin, fir eis ass et extrem wichteg,



dass d'Leit d'Gefill kréien, dass dobaussen d'Chamber näischt ze verstoppen huet, dass een an enger Kommissioun Aarbecht huet, an duerno, wann een - d'Leit - gären e Rapport hätt, hätt missen äntworten: „Neen, Dir kritt näischt.“ An Dir wësst jo ganz genau, wéi et gaang ass: Da stoung d'Press virun der Dier mat de Mikroen a mat de Kameraen, an déi, déi dann net an der Sitzung ware vun den aneren Deputéierten, konnten owes duerno am „Journal“ oder um Radio nolauschten, wat déi eng oder déi aner gesot hunn.

Dat heescht, indirekt wor schonn eng gewëssen Transparenz do, mä déi awer keng Base hat. Dat heescht, dat wor dann eben an der Trap do, wou dann all Deputéierte gezielt huet, wat en an der Kommissioun gutt oder net gutt fonnt huet.

Duerfir fanne mer, dass et immens wichteg ass, dass e richteg Kader geschafe gëtt, wou drasteet, wat richtig a wat net richtig ass an dëser Chamber. An ech mengen, d'Demokratesch Partei wor ëmmer fir Dialog a fir Transparenz. An dat doten ass an där Richtung,...

(Interruption)

► **Une voix.**- Abee jo!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- ...Madame Presidentin.

► **Une voix.**- Dat do war elo gutt!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Gesitt Der, wéi déi aner Parteie schonn nervös ginn, wann een nëmmen dës Wieder zitëiert, Madame Presidentin. Mä d'Demokratesch Partei - an ech insistéieren nach eng Kéier - wor ëmmer fir Dialog an Transparenz. An dat do ass dann e Schrëtt, deen an déi richteg Richtung geet.

Dat, wou ee sech awer muss d'Fro stellen, an heiansdo, wann ee verschidde Rapporte gesäit elo, ob mer eis heiansdo net selwer e Fouss gestallt hunn, well et si verschidde Rapporten, wou een am Fong net méi vill dra fënnt. Dat heescht, si dierfen och net esou inodore, incolore et insipide sinn, dass duerno näischt méi drasteet, ausser dass mer zesummekomme sinn an dass mer e puer Texter gestëmmt hunn.

Dat heescht, et muss sécher en Équilibre sinn tëschent de Récapitulativen, de Résumé vum den Décisiounen, mä et muss awer och drastoen, wéi eng Fraktioun wat gesot huet. An et kann net drastoen, dass verschidden Deputéierten dat gemengt hunn.

Ech mengen, et ass wichteg, dass duerno, wann eng Oppositioun oder iergendeen Deputéierten eng Proposition gemaach huet, déi och vun der Majoritéit zréckbehale gëtt vun der Kommissioun, dass do och den Auteur ervirgehewe gëtt fir déi Aarbecht, déi e gemaach huet, an op d'mannst déi ganz Viraarbecht, déi e gemaach huet, fir sech och Froen ze stellen.

Madame Presidentin, dowéinstler wäert d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei dësen Text och stëmmen. Et ass en éischte Schrëtt. Et muss een och kucken an aner Instanzen. Firwat net?

Ech ka mech erënneren, Madame Presidentin. Erënnert Iech, dass de Minister, de Justizminister an deemolege Parteipresident vun der CSV insistéiert hätt, dass all Sitzung soll gefilmt ginn. Dat war e bësse wäit gaang. Wat war d'Ursach gewiescht? Ech mengen, dass een hei Konklusiounen matgedeelt kritt.

(Interruption)

Ech hunn och d'Gefill gehat, Madame Presidentin, dass déi Meenung just dem Här Biltgen seng Meenung gewiescht war an dass en da mat sengem Fraktiouns-president net grad déiselwecht Meenung hat wéi déi, déi den Här Biltgen op jidde Fall owes um Kongress vun der CSV - ech mengen, de Bezierk Zentrum wor et, fir richtig ze zitëieren; net dass ech duerno gesot kréien, ech hätt eppes Falsches gesot - do ugekënnegt hat, hie géif sech derfir asetzen. Den Här Biltgen ass leider haut net do, wou ech da muss leider soen, dass mer en net suivéiert hunn...

► **Une voix.**- Waart Dir op eisem Kongress?

► **M. Xavier Bettel (DP).**- ...an dass seng eege Partei e leider och net suivéiert huet.

(Interruptions diverses)

Mä ech muss soen, mat Recht hu mer eng aner Majoritéit gehat wéi déi, déi den Här Biltgen hei proposéiert hätt. Well duerno war et méi e Concours gewiescht, wien dann elo déi ganzen Zäit eng Fro gestallt hätt, just fir eng Fro ze stellen, fir dann am Bild ze sinn.

An och, Här President, Madame Presidentin, muss ech lech soen, dass ech frou sinn, dass mer e Garde-fou hunn, dass d'Kommissiounen net automatesch gefilmt sollte ginn an dass se dann iwwert d'Conférence des Présidents, och wann et esou eng Demande ass, sollen eng Autorisatioun kréien.

A schlussendlech, Madame Presidentin, well et och eng Demande ass, déi am Moment gestallt gëtt: Eng Kommissioun soll net do sinn, fir alles ze empfänke vun Demanden, déi esou ronderëm kommen.

Mä Dir hutt eis gefrot, wat eis Positioun war. D'DP ass der Meenung, dass d'Fraktiounen och eng gewëssen Aarbecht hunn. Wa representativ Organisatiounen froen, fir an eng Kommissioun ze kommen, ass dat och wichteg a soll och gemaach ginn. Mä eng Kommissioun ass do, net fir elektoral, populistesch oder egal wéi een et wëllt nenne...

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- ...Clippercher ze empfänken.

Gesitt Der, Madame Presidentin, wéi d'Majoritéitsparteien hei nervös ginn. Et ass schrecklech!

(Interruption)

Op jidde Fall, Madame Presidentin, eis Positioun, déi kennt Der. Mir wäerten och d'Modifikatioun vum Artikel 22 stëmmen.

(Interruption)

An ech mierke just, wéi eng Nervositéit, Madame Presidentin, hei op de Majoritéitsparteien ass. Et stéiert se einfach, wann een d'Wourecht hei seet,...

(Hilarité)

...mä et muss een et heiansdo gesot hunn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Bettel. Den nächsten agedroene Riedner ass den Här Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi gréng Fraktioun huet an hirer Sturm- und Drang-Zäit 1989...

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Dat ass scho laang hier.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- ...eng Trapebesetzung...

Oh! Här Lux, loosst Iech emol iwwerraschen, wat mer alles wäerte fäerdeg bréngen. Lauschtert awer elo emol gutt no, wat ech lech elo soen. Da sidd Der vläicht manner amüséiert.

1989 hu mer eng Trapebesetzung hei organiséiert mat aneren Deputéierte-kolleegen zesummen. A mir haten als Gréng déi Zäit e ganze Pak vu Fuerderungen, déi mer gestallt hunn, fir datt d'Parlament an och aner öffentlech Institutiounen solle besser funktionéieren, méi demokratesch ginn, méi transparent ginn. An dat, wat mer haut diskutéieren, war och een Deel dovunner. Dat ass am Fong de Schluss vun enger Episod, déi also 1989 ugaangen ass.

A wann Der lech emol eng Kéier d'Méi géift maachen nozekucken, wat mer alles verlaangt hunn, mir kënnen op alle Fall als Gréng ganz houfreg sinn. Mir stellen haut fest, datt alles, awer wierklech och alles bis op ee Punkt, nämlech datt de Statsrot och nach soll demokratiséiert ginn... Dat ass deen eenzegen...

(Interruption)

Dat hate mer déi Zäit och scho verlaangt. Dat ass deen eenzegen...

(Interruption)

Här Schiltz, ech wëll Iech soen, mir hunn 19... Dir hutt de Mëtten hei gesot vu Propositionen ze maachen, och am Zesammenhang mam Statsrot... Dir wësst jo, datt mer déi Zäit och nach keng Trennung haten an der Juridictioun, an der administrativer Juridictioun.

Mir hunn 1993, Här Schiltz, beim Maître Marc Elvinger en Avis an Opdrag gi gelooss. An deem Avis do; ech géif Iech uroden, dee gëtt et nach haut, dee kënnt Der bei eis op eisem Site fannen. Huet Iech deen emol eng Kéier zu Gemitt. Do fannt Der villes erëm vun deene Saachen, wat déi Zäit realiséiert ginn ass, an och vu Saachen, déi mer haut erëm opwerfen.

Mä, Här President, oder Madame Presidentin, pardon,...

► **Mme la Présidente.**- Jo.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- ...Dir Dammen an Dir Hären, mir si frou driwwer, datt mer...

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV).**- ...duerfir wollt ech Iech nach en Objektiv awer loosse, gell.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Oh, ben. Wësst Der, also, ech ginn dervun aus, datt bei dëser Majoritéit eis d'Aarbecht net wäert ausgoen an nächster Zäit. Mä mindestens wat de Fonctionnement vum Parlament ubelaangt a verschiddenen aneren demokrateschen Institutiounen, Här President, Madame Presidentin, si mer wierklech frou driwwer, datt mer haut mat méi enger grousser Öffentlechkeet vun och deem, wat an de Kommissiounen stattfënnt, e weidere Punkt realiséieren.

Mir fannen dat gutt aus zwee Grënn. Deen ee Grond ass, well mer mengen, datt dat zu méi enger Novollzéibarkeet gëtt dobausse bei de Leit, wat intern an de Kommissiounen diskutéiert gëtt. Mir mengen awer och, datt et wichteg ass am Intérêt vum Parlament selwer, well vill Aarbechten, wësse mer, ginn an de Kommissiounen gelescht, a leider ginn déi dobaussen net ëmmer esou an deement-sprechend wouergeholl. An duerch dee méi groussen Accès, dee mer kréien elo zu den Aarbechten, déi elo gemaach ginn, also, ass dat an Zukunft och méiglech.

Mir sinn duerfir frou driwwer, datt mer dat haut wäerten ofstëmmen. Mir wäerten dat selbstverständlech och stëmmen. Ech ginn dem Här Bettel awer Recht, wann een... Mir müssen elo kucken, mir sammele jo éischt Erfahrungen an der Praxis. Mir hunn och e Carcan opgestallt, deen net rigide an net enk ass, deen och net zum Beispill virschreift, datt an Zukunft guer keng - wéi den Här Bettel dat als Beispill hei zitëiert huet - Nimm vu Fraktiounen méi sollen dohinner gestallt ginn.

Et soll scho sech erëmspigel, wéi d'Diskussioun an de Kommissiounen verlaft ass. Ech mengen, mir sollen elo an deenen nächste Wochen an der Praxis kucken, ob mer vläicht net awer do nach deen een oder aneren Ajustement musse maachen oder Rotschléi ginn um de Greffe, wéi mer mengen, datt déi Rapporten am Définitif solle verfaasst ginn.

Wéi gesot, mir stëmmen dat haut. Et bleift also nach eng Etapp ze maachen. Dat ass méi Demokratie a méi Transparenz ze kréien an de Statsrot insgesamt, an och an d'Nominatiounsprozeduren. Mir wäerten och do net labberloossen.

An och wann haut de Mëtteg dann e weidere Schratt gemaach ginn ass vun de Majoritéitsparteien, fir alles beim Alen ze loosse, et wäerte sech an deenen nächste Wochen a Méint nach genuch Geleeënheete bidden, wou mer ëmmer erëm eng Kéier wäerten op en Neits à charge kommen, fir d'Reform vum Statsrot och weiderzebréngen.

Mir hunn och alt emol scho prophylaktesch, Madame Presidentin, fir eventuell Saachen, déi nach wäerte kommen, den Domän „statsrot.lu“ reservéiere gelooss. Wie weess, et bitt sech vläicht och elo eng gutt Geleeënheet, fir iwwert deen nach weideren Drock ze maachen an Zukunft, fir datt mer dann och um Statsrot déi Reforme kréien, déi mer eis virgestallt hunn.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Bausch. Mir hunn dann nach een agedroene Riedner. Dat ass den Här Hoffmann. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Madame Presidentin, nom Här Bausch sengem Historique kucken ech dann och kuerz an d'Zukunft, fir de Wonsch auszedrücken, dass mer eng Kéier zu enger allgemenger Revisioun vun deem Reglement kommen, déi dorop erausleeft, dass hei an der Chamber d'Parteien als solch, esou wéi se an der Verfassung ageschriwwen sinn, unerkannt ginn, an och hinnen eng gewësse Gläichbehandlung, zum Beispill bei de Riedezäiten, zoukënn.

Och an deem modifizéierten Artikel 22 ass hei nach eng Diskriminatioun mat eragerétscht, déi eigentlech keng Justificatioun huet. Déi ass also net nei. Déi war dran: «Le projet de procès-verbal est accessible aux membres de la commission, aux présidents des groupes politiques et aux membres du Gouvernement concernés, aux présidents des groupes politiques.»

Dat heescht also, net un déi, déi hei als Sensibilité politique vertritt sinn. An ech mengen, dass dat eng Diskriminatioun ass, fir déi et eigentlech keng Justificatioun gëtt. Dofir proposéieren ech och en Amendement, fir dat ze änneren an „groupes“ a „sensibilités politiques“ an där doter Fro gläichzestellen.

Amendement 1

Article unique: modification de l'article 22:

(8) La 2^e phrase du 1^{er} alinéa est formulée comme suit:

«Le projet de procès-verbal est accessible aux membres de la commission, aux groupes et sensibilités politiques et aux membres du Gouvernement concernés.»

(s.) André Hoffmann, Claude Adam, François Bausch, Gast Gibéryen, Camille Gira, Henri Kox.

► **Mme la Présidente.**- Merci.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Dat gesot, sinn ech awer och der Meenung, dass mer hei e Schrëtt no vir maachen, a Richtung vu méi Informatioun vun der Populatioun iwwert d'Aarbecht, déi an der Chamber gemaach gëtt, net nëmmen an der Plénière, mä och an de Kommissiounen. Doduerch och méi Transparenz, wat dat ubetrëfft, wat hei geschitt.

Ze diskutéieren war nach eventuell, firwat dass eigentlech d'Rapporte vum Bureau oder vun der Conférence des Présidents nach net public sollte sinn. Ech proposéieren awer do keen Amendement. Ech soen, wa mer eng Kéier iwwert d'Gesamtreglement diskutéieren, kann een dat jo emol nach eng Kéier undiskutéieren.

D'Publikatioun um Internet. Et muss ee jo och wëssen, dass dat awer seng Grenzen huet. Dat heescht, dass verschidde Leit hei zu Lëtzebuerg elo nach ëmmer, virun allem, géif ech soen, den eeleren Deel vun der Bevëlkerung, nach net esou ëmgeet selbstverständlech mat deem Site Internet. Esou dass ech awer vläicht kënnt suggérieren, dass een op d'mannst am impriméierte Compte rendu en Hiweis mécht, wann et ze vill opwändeg wär, fir d'Kommissiounsberichte do ze publizéieren, dass een op d'mannst awer ëmmer erëm en Hiweis mécht: Dir kënnt et um Site Internet... a maacht dat an dat an dat, da kommt Der drop.

An zum Schluss géif ech mech awer och onbedéngt a staark asetze fir dat, wat den Här Bettel hei gesot huet. Et muss an de Rapporten däitlech ginn, wat fir Positiounen déi eenzel Membere respektiv déi eenzel Parteien - ech soe bewosst „Parteien“ - an deenen Diskussiounen ageholl hunn, well jo ee Moment am Raum stoung, esou e synthetesch Bericht ze maachen, wou dat net méi zum Ausdrock komm wär. An domadder wär mer dann net d'accord gewiescht, well da wär et am Fong geholl op där enger Säit e Schrëtt a Richtung méi Transparenz an op där anerer Säit e Schrëtt a Richtung vu manner Transparenz.

Et ass also och an deem Sënn, wou ech déi Ännerung vun dem Reglement hei matstëmmen.



SÉANCE 16

MARDI, 19 JANVIER 2010

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Hoffmann. Den Här Schiltz hat d'Wuert nach gefrot.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Jo. Madame President, ech wollt fir d'éischt dem Här Gibéryen Merci soe fir déi sereine Manéier, mat där en hei dee Rapport gemaach huet am Numm vun der Kommissioun, an zur gläicher Zäit bedauern, datt déi Serenitéit, mat där mer déi Débata gefouert hunn an der Conférence des Présidents, haut awer leider hei am Plenum e bësse verluer gaangen ass.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Also, Dir hätt just gär, wann een lech lueft a fir de Rescht näischt méi hei seet, Här Schiltz. Dat kritt Der vun eis déi nächst Joren hei net!

(**Interruption**)

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Här Bausch, ech kommen nach...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Ech hat gutt ugefaangen, oder wéi?

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Här Bettel, dee Saz, wou en lech gelueft huet, dee fannt Der gutt.

► **Mme la Présidente.**- Här Schiltz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Ech si ganz frou, Här Bausch, datt Der mech ënnerbriecht, well ech hunn lech jo och virdrun e puermol ënnerbrach. Dat dréit zu der Animatioun vun den Debate bäi.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Ech hoffen, datt Der och héieren hutt, wat ech gesot hunn.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Ech weess net, ob et onbedéngt - ech kommen nach dorobber - zur Serenitéit hei

bäidréit. Ech géif de Kolleeg Hoffmann ëm Verständnes bieden, datt ech géif virschloen, et ass eng Fro, déi mer diskutéiert haten, wou mer keng ultimativ Konklusioun gezunn hunn, datt mer duerfir déi Motioun an d'Kommissioun géife renvoyéieren an eis domadder ausernee-setzen, mat där Proposition.

(**Interruption**)

Jo. Datt deen och géif an d'Kommissioun goen, well mer nämlech doriwwer eng Diskussioun haten. Mir hunn dunn Ofstand geholl dovunner, well mer et wollte maachen.

Wat ech awer tout à fait sérieusement wollt soen, dat ass, datt mer och décidéiert hunn an der Conférence des Présidents, datt mer dee System hei géifen engem Audit den nächste Summer ënnerwerfen. A meng Fraktioun hält drop, datt mer deen Audit och maachen, datt gekuckt gëtt, wéi déi Rapporte gemaach ginn, vun engem Externen, ob se uerdentlech gemaach sinn an ob se hiren Zweck erfüllen.

Ech sinn eigentlech frou, datt den Här Bausch hei den Aveu gemaach huet, datt d'Aarbecht him net wäert ausgoe mat dëser Majoritéit. Dir hutt gesot, datt Der bal alles erreecht hutt, wat Der lech `89...

(**Interruption**)

...op de Fändel geschriwwen hutt. Dofir hunn ech och gesot: Vous êtes presque arrivés. Mir diskutéiere jo dann elo iwwert de leschte Punkt an dann huet een nach ëmmer een Zil virun Aen.

Mä vill méi wichteg ass mer dorop hinweisen, datt Der gesot hutt, datt lech mat där Majoritéit hei d'Aarbecht net wäert ausgoen. Wann der Oppositioun d'Aarbecht net ausgeet mat der Majoritéit, ass dat jo de Bewäis, datt déi Majoritéit hei schafft.

Ech soen lech Merci dofir.

(**Interruption**)

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Schiltz. Domat ass d'Riednerlëscht ofgeschloss. Ech wollt den Här Hoffmann froen, ob en d'accord ass mat där Proposition, fir den Amendement an déi zoustänneg Kommissioun ze ginn.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Also, wann ech muss de Choix treffen, dass elo d'Majoritéit den Amendement oflehnt an dann ass en definitiv vum Dësch, oder den Amendement geet an d'Kommissioun fir Diskussioun, dann ass de Choix relativ einfach oder zwéngend. Ech ginn dervun aus, dass sech hei en net expliziten, mä en impliziten Avis favorable ausgedréckt huet, fir deem do Rechnung ze droen.

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Hoffmann. Da gi mer dovunner aus, datt deen Amendement transféréiert gëtt an déi zoustänneg Kommissioun. An dee Moment hätt elo d'Regierung d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech mengen, datt d'Regierung heizou net... datt dat hei eng Affär vun der Chamber ass.

► **Mme la Présidente.**- Richtig. Dann ass d'Diskussioun ofgeschloss.

(**Interruptions diverses**)

Dann ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert den Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement.

Vote

D'Ostëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss.

An et hu mat „Oui“ gestëmmt: 55 Persounen. Non: 0. Abstention: 0.

Résultat définitif après redressement: la proposition de modification du Règlement 6097 est adoptée à l'unanimité des 57 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Paul-Henri Meyers, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel (par Mme Nancy Arendt), Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;


MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Domat ass dann déi Ännerungsproposition ugehol a mir wieren och um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëttag um hallwer dräi nees zesummen.

D'Sëtzung vun haut ass domadder opgehuewen.

(**Fin de la séance publique à 18.13 heures**)



SÉANCE 17

MERCREDI,
20 JANVIER 2010

Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

- Heure d'actualité demandée par le groupe déi gréng sur la révision de la loi relative à la réglementation de l'interruption de grossesse
 - Exposé: Mme Viviane Loschetter
 - Débat: Mme Christine Doerner, Mme Lydie Polfer
 - Dépôt d'une proposition de loi
 - Mme Lydie Polfer
 - Heure d'actualité demandée par le groupe déi gréng sur la révision de la loi relative à la réglementation de l'interruption de grossesse (suite)
 - Débat (suite): Mme Lydie Err, M. Gast Gibéryen, M. André Hoffmann
 - M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé
 - Dépôt d'un projet de loi
 - M. François Biltgen, Ministre de la Justice
 - Heure d'actualité demandée par le groupe déi gréng sur la révision de la loi relative à la réglementation de l'interruption de grossesse (suite)
 - M. François Biltgen, Ministre de la Justice
 - Interpellation de M. Xavier Bettel sur les sujets suivants:
 - les problèmes d'application du partenariat,
 - l'éventuelle introduction dans la législation luxembourgeoise du mariage et de l'adoption pour les couples homosexuels,
 - les nouvelles formes de parentalitéet
- Heure d'actualité demandée par le groupe déi gréng sur l'ouverture du mariage aux couples homosexuels
- Exposé: M. Xavier Bettel (interpellateur)
 - Exposé: M. Félix Braz
 - Débat commun: Mme Christine Doerner, M. Alex Bodry, M. Fernand Kartheiser, M. André Hoffmann
 - M. François Biltgen, Ministre de la Justice

- Question urgente N°396 de Mme Nancy Arendt, épouse Kemp au sujet de l'évolution de la situation des enfants adoptés haïtiens étant donné qu'une nouvelle secousse vient de toucher Haïti
 - Mme Nancy Arendt - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration
- 5923 - Projet de loi relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux sanctions pécuniaires
 - Rapport de la Commission juridique: M. Gilles Roth
 - Discussion générale: M. Xavier Bettel, M. Alex Bodry, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes
 - M. François Biltgen, Ministre de la Justice
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. François Biltgen et Mars Di Bartolomeo, Ministres.

(**Début de la séance publique à 14.30 heures**)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sëtzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut hu mer eng Aktualitéitsstonn, déi d'Fraktioun vun deene Gréngen iwwert d'Ofdreiwung ugefrot huet. D'Riedezäit ass am Artikel 84, Alinea 2 vum Chambersreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktiounen jeeeweils fënnef Minutten, de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véierel-

stonn. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Dammen Christine Doerner, Lydie Polfer, d'Madame Err, den Här Gibéryen an den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Viviane Loschetter als Vertriederin vun der Fraktioun vun deene Gréngen.